



Dépôt: GOERGEN Marc

Gesetzesprojekt 7514

Lëtzebuerg, den 22/12/2022



## Motiuon

### D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- Gemengerotssitzunge sinn nom Prinzip vum Artikel 21 vum Gemengegesetz alle Biergerinnen a Bierger öffentlech zougänglech;
- d'Öffentlechkeet an d'Transparenz stäerken d'Demokratie an d'Unerkennung vun den demokrateschen a rechtsstaatlechen Institutiounen, well d'Bierger d'Decisioune vun hire Volleksvertrieder novollzéien an och a Fro stelle kënnen;
- Öffentlechkeet an Transparenz stäerken d'Vertraue vun de Bierger an d'politesch Decisioune an hëllef géint d'Verbreede vun Desinformatioun;
- D'Öffentlechkeet an d'Transparenz vu Gemengerotssitzungen si verbesserungswierdeg, well d'Sitzungen oft während de regulären Aarbechtzäite vu ville Biergerinnen a Bierger stattfannen, d'Bierger sech zu där Zäit physesch an d'Gemeng deplacéiere mussen an dofir Congé missten huelen an och, well d'Plazen am Sall vum Gemengerot limitéiert sinn;
- Den Internet ass ee Mëttel, deen als Bréck tëschent de Bierger an der Politik ka genotzt ginn a verschidde Gemenge bidden op där Basis eng Live-lwwerdroung vun hire Gemengerotssitzungen am Videoformat un, déi nom Ofschluss vun der Sitzung integral um Internetsite vun der Gemeng ze fannen ass;

### Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. eng Dispositioun anzeféieren, déi d'Live-lwwerdroung vu Gemengerotssitzunge souwéi d'Publikatioun vun de Sitzungen um Internetsite vun der Gemeng am Toun- oder Videoformat obligatoresch mécht.

*Marc Goergen*



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)